



seriöe Panne kennt. An elo gi mer hin, nodeem de Projet, wéi gesot, schoonn duerch eng ganz Rei Problemer gaangen ass a scho laang ënnerwee ass, fir ze soen: Mir brauchen elo den Accès op déi confidentiel Dokumenter, déi mat deem Projet zesummenhänken.

Dat doten ass eng Saach, wou musse Froe beäntwert ginn! Dat kann een net einfach esou ofwénken, och wa mer begréissen, datt mer elo deen Zougang zu deenen Dokumenter froen. Mä bei deene finanzielle Volumen, déi hei engagéiert sinn, a bei där Geschicht vun deem Projet, mengen ech, ass et awer derwäert, nach eng Kéier nozefroen.

An da muss een och nach eng Kéier d'Fro vum Präis vun deem Fliger opwerfen. An zemoos elo de Moien hate mer jo d'Presentatioun vum Budget a mir hunn nach ëmmer..., souwäit op jidde Fall ech et weess, huet den Här Défense-minister eis bis haut nach net kënne soen, ob dann elo Lëtzebuerg och nach muss TVA un d'Belsch bezuele fir d'Acquisitioun vun deem Fliger oder net. Mä bei engem Finanzvolumen vu ronn, ech weess net, déi lescht Schätzung leien net wäit ewech vun 200 Milliounen Euro, mir schwätzen also och bei der TVA hei iwwer e ganz substanzielle Betrag, ass et wichteg, fir dat och ze klären. An eiser Opfaassung no kann et net sinn, datt mer och nach mussen TVA op déi do Acquisitioun un eise Partner an deem Projet bezuelen.

Do sinn also eng Rei Froen, déi sech stellen. Wann den Här Minister eis kann am Numm vum Här Schneider Antwerte ginn, wier dat eng wëllkomm Saach. Mä en Acquisitiounsprojet, e Rüstungsprojet an deem do Volumen, wéi gesot, deen esou vill Panne kennt huet, wou mer haut op emol feststellen, datt mer mussen den Zougang zu confidentiellen Informatiounen froen, a wou esou villen nach net gekläert ass an emol nach net gekläert ass, weini de Fliger da soll u Lëtzebuerg ausgelievert ginn, dat wäerte mer op jidde Fall politesch nach weider verfollegen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Angel huet d'Wuert gefrot a senger Eegenschaft als Rapporteur.

► **M. Marc Angel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Den Här Kartheiser huet sécher ganz interessant Froen opgeworf, an ech wëlt e just drun erënnere, dass mer e Groussdeel vun deene Froen den 29. Juni an der aussepolitischen Kommissioun diskutéiert hunn. Et ass richtig, de Minister war net do. Et waren do den Här Conrad Bruch, datt ass den Direkter vun der Défense, an och den Här Colonel Marc Heinrich, deen och um Ministère de la Défense ass. A mir hunn déi Froen ugeschwat a mir hunn och genau Erklärungen ginn, firwat dat elo eréischt gemaach gëtt.

Dat steet iwwregens och am Procès-verbal vun där Kommissioun. Ech huelen un, den Här Kartheiser hat vergiess, deen ze kucken. Do steet ganz genau dran: «Les futurs pilotes de l'avion A400M doivent disposer d'une «security clearance» qui fait également objet de l'accord.» A mir hate laang doriwwer geschwat, firwat dat wichteg ass fir d'Ausbildung vun de Piloten.

A mir haten nach eng ganz Rëtsch aner Froen och beäntwert. Duerfir! A mir haten et nach eng zweete Kéier, wéi de Rapport an der Kommissioun ugeholl gi war. Et sinn do keng Froe gestallt ginn. Dofir sinn ech elo e bëssen iwwerrascht iwwert déi Froen. Mä mir wäerte Geleeënheet kréien, de Minister kënnt jo regelméisseg an d'Kommissioun, da kënnt Der him déi Froen do nach eng Kéier och noreechen.

Merci!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Här President, ech hunn nach e bësse Riedezäit, mengen ech?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gutt, Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Also, ech wëll net an eng bëleg Polemik goen, fir dem Här Angel elo ze äntwerten op deem Niveau, wéi eng Rapporten ech kennen oder net kennen. Ech mengen, dat ass net den Niveau vun der enger Chambersdiskussioun. Mä wat wichteg ass,...

(Interruptions diverses)

...dat ass, datt mer awer, wann ech gelift, net probéieren, eng seriö Fro iwwer e grousser Rüstungsprojet a vläicht dee gréisste Rüstungsprojet, dee mer hei am Land ëmmer haten, ofzedi mat enger „security clearance“ vu Piloten, déi a ganz anere Kontexter an an anere Prozedure

lafen. Hei sinn aner Froen engagéiert wéi dat do.

A loosse mer dach net probéieren, mat Detailfroen vu Prozedure laanscht d'Beäntwerte vu Froen ze schläichen, déi wesentlech méi déif a wesentlech méi grouss si wéi dat do! Ech wollt dat just kloerstellen.

Ech respektéieren, datt den Här Angel probéiert, d'Politik vun der Regierung ze justifiéieren. En ass a sengem Rôle. Mä ech hätt awer och gär, datt d'Oppositioun an hirem Rôle respektéiert gëtt, fir déi Froen ze stellen, déi am Zesammenhang mat esou engem groussen Projet sech awer opdrängen!

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Jo, Här President, et ass effektiv e grousser Projet. Et ass en iwwerdimensionéierte Projet. Et ass e Projet, dee mer eigentlech guer net brauchen. Derbäi kënnt, dass de Militärbudget jo eng vun de Prioritéiten vun der Regierung ass, wou mir mengen, dass dat net sollt de Fall sinn. De Militärbudget geet an d'Luucht, dat hu mer de Mueren héieren. Gläichzäiteg hu mer awer och héieren, dass muss gespuert gi weiderhin.

Mir hunn de Mueren e Budget presentéiert kritt an der Holzklass. Dee Fliger hei, mat deem fuere mer net an der Holzklass!

(Hilarité)

Dat ass en iwwerdimensionéierte Fliger, dee mer eigentlech guer net brauchen. A well mer géint dee Fliger sinn a scho laang géint dee Fliger sinn, stëmme mer natierlech net elo deen Accord hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An domat ginn ech dem Här Minister vun der Sécurité sociale d'Wuert, deen den Ausseminister vertritt.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, Ministre des Sports, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och dem Rapporteur e grousser Merci fir engersäits säi Rapport, e Rapport, wou e kloer op där enger Säit d'Definition vun OC-CAR gemaach huet an, ech mengen, eigentlech och do schoonn eng Äntwert op eng Fro ginn huet: Firwat huet Lëtzebuerg nëmmen de Statut als Observateur dodran?

Ech mengen, an der OCCAR geet et am Groussen drëm, fir de gemeinsamen europäesche Rüstungsprogramm opzestellen. Dat ass e ganz grousser Programm. An ech mengen, een Deel dovunner ass deen effektiv, wou mer drunhänke mat eben dem Militärfleger, iwwert d'belsch Kolleegen. An ech mengen, déi Diskussioun hei och ass an engem Kader elo gesat ginn, wou mer och de Mëtteg eigentlech iwwert den Accord hei mat OCCAR schwätzen.

Ech mengen, et geet hei net ëm d'Acquisitioun vun Fliger direkt. Den Accord hei ass ganz einfach esou, datt mer eis déi juristesche Basis ginn, fir och einfach den Accès zu criptéierten Donnéeën ze kréien an dann eben och déi juristesche Basis hunn, fir déi kënne ze kréien am Kader vun deem ganzen Accord do.

Ech mengen, déi Froen, déi gestallt goufen, huet zum Deel den Här Angel beäntwert. An der Kommissioun goufen eng Rei vun deene Saachen ugedeit. Alles dat, wat de Finanzement vun Fliger betrëfft, ech mengen, do wäert mat Sécherheet an deenen eenzelne Kommissiounen elo bei den Diskussiounen ronderëm de Budget genuch Zäit bleiwen, fir dat ze thematiséieren, respektiv an de Budgetsdiskussiounen.

Ech mengen, et ass awer och ganz kloer, datt d'Oprüstung säitens der Regierung elo net eng Haaptprioritéit ass, ma datt dat heissen dee Punkt ass, mengen ech, deen zënter Jore vun deenen eenzelne Regierungen accordéiert gouf, zesumme mat de belsche Frënn, fir d'Acquisitioun vun Fliger ze maachen, deen an deenen nächste Jore wäert kommen an deen och esou budgétiséiert ass an deenen eenzelne Budgeten am pluriannuelle Programm vun der Regierung.

Ech soe Merci engersäits fir de Rapport nach eng Kéier, Merci och fir d'Diskussiounen hei, an hoffen och op eng grouss Zoustëmmung an deem Parlament.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6813 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6813 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

59 Deputéierten hunn direkt oder indirekt um Vott deelgeholl: 57-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 6813 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6813 est adopté par 58 voix contre 2.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (M. Serge Wilmes), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anziz, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ech froen d'Chamber, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6782, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Schafe vun engem Etablissement public fir d'Équipementen zu Belval. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt déi eierewäert Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

9. 6782 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapporteuse*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi 6782 geet et ëm d'Missioun vum Etablissement public Fonds Belval, deen duerch d'Gesetz vum 25. Juli 2002 geschäfe ginn ass. Dëst war am Kader vun der Rekonversiou vu 650 ha Industriefrichen um Site Belval-Ouest, déi jo mëttlerweil ofgeschloss ass a wou eng ganz Panoplie vu Gebailechkeeten, Wunnengen an Aktivitéiten entstanden ass. Déi landesplaneresch, ekonomesch, urbanistesche, wëssenschaftlech a kulturell Ausrichtung vum Projet Belval ass landeswäit bekannt a brauch duerfir haut net extra virgestallt ze ginn.

Wat vläicht manner bekannt ass, sinn d'Missioun vum Fonds Belval, ëm déi et haut geet an déi am Gesetz vum 25. Juli 2002 verankert sinn. An deem Gesetz huet den Etablissement public Fonds Belval den Opdrag kritt, sech ëm de Bau, ëm d'Restauratioun an ëm d'Transformatioun vun de Gebailechkeeten um Site ze bekëmmere. Gläichzäiteg ass de Fong zoustänneg gi fir d'Sécherheet um Site a fir den Aménagement vun de Bausefflächen, mat allen Infrastrukturen, déi dozou néideg waren.

Doriwwer eraus ass am Gesetz vum 2002 festgehalen ginn, datt d'Regierung der Chamber fir all nei Konstruktiounen en deementsprechende Projet de loi ënnerbreede muss, mam Resultat, datt mëttlerweil ganzer 15 Gesetzer zu Konstruktiounszwecker um Site Belval gestëmmt gi sinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Projet de loi vun haut geet et, wéi gesot, net ëm eng nei Konstruktioun, mä ëm d'Erweiterung vum de Missiounen a vun den Zoustännegkeeten vum Etablissement public Fonds Belval.

Éischtens soll de Fong an Zukunft och zoustänneg gi fir d'Gestioun vun den Infrastrukturen um gesamte Site.

Zweetens soll de Fong berechtegt ginn, Recetten anzezeien, esou wäit wéi dës Recetten an direkter Relatioun mat senger Missioun stinn.

Firwat ass dese Schrëtt néideg? Ganz einfach, well d'Entwécklung vun den Aktivitéiten um Site, mä och d'Verschiddenaartegkeet vun de Gebailechkeeten a vun hirem Notzung eng kloer an effikass Gestioun viraussetzen. Konkret heescht dat, datt den Etablissement public beoptragt gëtt, de Patrimoine immobilier beschtméiglech ze schützen an ze erhalen, déi technesch Maintenance an d'Exploitatioun vun de Gebailechkeeten ze assuréieren an ze koordinéieren, gradesou wéi och d'Aktivitéiten, déi um Site Belval stattfannen, an enger Hand ze halen an ze koordinéieren, fir op déi Manéier och eng ganz Rei Interessenskonflikter ze verhënneren.

Am initiale Gesetzestext, deen de 27. Februar 2015 vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturnminister François Bausch déposéiert ginn ass, war doriwwer eraus och virgesinn, d'Missioun vum Fonds Belval op aner Industriefrichen am Bassin minier auszedeeenen. Opgrond vun enger Opposition formelle vum Statsrot ass dës Dispositioun allerdéngs net zrëckbehalen ginn.

Domat kommen ech scho bei den Avis vum Statsrot, dee vum 3. Abrëll 2015 staamt. Wéi gesot war déi héich Kierperschaft net averstane mat der genannter Extensioun vun de Missioun vum Fonds Belval. D'Argument vum Statsrot war, datt en Etablissement public eng sougenannten „personnalité juridique de droit public“ ass, deen ënnert der Tutelle vun der Regierung steet a streng Regele muss respektéieren, wat de Radius vu sengen Aktivitéiten ugeet.

Dat heescht, trotz der Autonomie, déi een Etablissement public a puncto Gestioun huet, dierf en nëmmen déi Aktivitéiten ausüben, fir déi e geschäfe ginn ass. Dës Regel ass iwwregens am Artikel 108bis vun eiser Verfassung festgehalen. Laut dem Statsrot hätt d'Extensioun vun de Missiounen also am Widder-sproch gestane mat eiser Verfassung.

Dernieft huet de Statsrot och d'Fro opgeworf, ob eng méiglech Extensioun vun de Missiounen net och zu enger Kapitalerhéijung beim Etablissement public hätt misse féieren. A schlussendlech war en der Meenung, datt am Fall vun enger Extensioun net nëmmen déi aktuell Gemengen Esch-Uelzecht a Suessem, mä och déi nei Gemengen, wéi beispillsweis Schëffleng, wou och Industriefrichen sinn, am Verwaltungsrot vum Fong dann hätte misse vertruede ginn.

Opgrond vun all dese Kriticke vum Statsrot huet d'Kommissioun dës Extensioun vun de Missiounen op aner Industriefrichen doropshin aus dem initiale Gesetzestext gestrach. A sengem Avis complémentaire vum 10. Juli 2015 huet de Statsrot dës Décisioun begréisst an hat keng weider Awänn méi ze deklaréieren.

D'Chambre de Commerce hirersäits huet déi sozioekonomesch Plus-value vum Projet Belval ervirgestrach, déi ënner anerem aus der Schaffung vu 15.000 bis 20.000 Aarbechtsplazen an aus dem Bau vu Wunnenge fir ganzer 7.000 Leit besteet, net ze vergiessen awer och d'Entwécklung vun der Uni Lëtzebuerg, déi fir d'Chambre de Commerce eng ganz grouss Bedeutung huet. Mat der Fuerderung no totaler Transparenz bei der Gestioun huet d'Chambre de Commerce dese Projet de loi begréisst, well en als Zil huet, déi gesamt Gestioun um Site ze verbessere. Hiren Avis staamt vum 3. Abrëll 2015 an ass deen eenzeg Avis, dee vun enger Berufskummer erakom.

Zu den Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun bleift ze soen, datt mir eis an de Sëtzunge vum 18. Juni 2015 a vum 8. September 2015 souwuel mam Projet de loi wéi och mat deenen zwee Avisa vum Statsrot beschäftegt hunn. An der Reunioun vum 24. September 2015 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Domat sinn ech schoonn zum Schluss vu mengem Rapport, Här President, a wëll nach just vun der Geleeënheet profitéieren, fir der Direktioun ënnert dem Mario Schweitzer, Luc Dahmen a Michèle Lamesch vum Fonds Belval eng glécklech Hand an der Zukunft ze wënschen.

Wann Dir erlaabt, Här President, hänken ech am Numm vun der grénger Fraktioun an och als eenzeg Spriecherin vun der grénger Fraktioun nach e puer Sätz drun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann Dir esou léif froet.

Discussion générale

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Se stamen net vu mir. Se stame vum 1. Juli 2002 a komme vun eise frëiere Gréngen-Deputéierte „Roga“ Garcia, deen d'Enthaltung vun deene Grénge beim Gesetz vum 2002 ënner anerem mat folgender Wieder begrënnt huet. Wat huet e gesot?

„E Problem, dee mir mat deem Gesetz hunn, dat ass de Problem vun der Gestioun. Bauen



ass eng Saach, an déi Bauten herno géréieren ass eng aner. Mir hate jo eng Kéier eng Motion eestëmmege ofgestëmmt, datt, wann ee Bauprojeten hei virleet, een direkt soll de Projet de gestion matliwweren. Mir fuerderen do weinst d'Regierung op, a kierzester Zäit eng Proposition ze maachen, fir déi Aktivitéiten, déi um Site Belval ënner ëffentlecher Regie stattfannen, ënner e gewëssenen Hutt ze bréngen, fir datt net herno all déi Institutione separat funktionéieren esou wéi um Kirchbiereg.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis eens, mat dësem Gesetz gëtt deen „gewëssenen Hutt“ haut geschafen. Och wann d'Fuerderung vun eise deemolege Spriecher a Frënd net a kierzester Zäit erfëllt ginn ass, mä 13 Joer op sech waarde gelooss huet, si mer als Gréng frou, dëst Gesetz haut kënnen ze stëmmen an och eise Kollege „Roga“ domat eng grouss Freed ze maachen. An deem Sënn villmools Merci fir d'Nolauschteren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapportrice. An ech géif dann direkt d'Wuert weiderginn un den Här Aly Kaes, dee schonn am Garde-à-vous hei steet. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'Éischt, der Rapportrice villmools Merci ze soe fir dee ganz gudden Rapport, sougutt mëndlech wéi schrëftlech.

Jo, zu menger Zäit als Gewerkschaftssekretär hunn ech hautno materielt, wéi duerch weltwäit Emstrukturéierungsprozesser vun der Stolindustrie am Süde vun eise Land massiv Aarbechtsplazen ofgebaut gi sinn a verschidde Standuerter zougemaach gi sinn. Dëst war eng ganz schweier Zäit fir eist Land, mä et war besonnesch schweier fir vill Leit am Süden.

Duerfir sinn ech immens frou, dass déi deemoleg Regierung d'Rekonversiou vun de Frichen am Süde vun eise Land als eng vun de Prioritéiten ugesinn huet an do erëm nei Créneauë fir eis Economie wollt schafen. De Projet, d'Industriebroochen am Süde vum Land ze revaloriséieren, geet also op 1996 zrëck. D'Regierung huet deemools zesumme mat der ARBED décidéiert, eng Sociétéit an d'Liewen ze ruffen, déi chargéiert ginn ass, eng Etüd iwwert d'Sitten auszeschaffen, déi do beträff waren.

Am Joer 1997 ass d'Etüd AGIPLAN virgeluecht ginn, déi véier prioritär Sitten zréckbehalen huet, dat heescht d'Lentille Terres Rouges, d'Crassiere vun Eilereng a vu Rodange an natierlech d'Sitte vum Belval. D'Envergue vun de Projeten, déi um Site Esch-Belval sollten ëmgesat ginn, war an ass haut nach enorm!

Duerfir ass eng Struktur gebraucht ginn, déi et der Regierung erlaabt, sech un der Rekonversiou vun den Industriebroochen ze beedelegen, dëst duerch d'Schafe vun engem Établissement public, deen d'Missionen huet, d'Realisatioun vum Stat um Site Belval ze erméiglechen.

D'Missionne vum Établissement public hu sech eben nëmmen op d'Realisiere vun den Investitiounen vum Stat um Site zu Belval bezunn. Et handelt sech ëm d'Planifikatioun, d'Konstruktioun vun neie Gebaier, ëm d'Sécherheet an d'Erhale vun deene Gebaier an den Aménagement vum Site am Allgemengen.

Mat dësem Gesetzestext, dee mir elo wäerten ofstëmmen, ginn d'Missionen ganz einfach vum Établissement public erweidert. Et ass esou, wéi d'Madame Lorsché et scho gesot huet, keng Erweiderung vun de Missionen op déi aner Sitten, mä et ass eng Erweiderung vum Aufgabeberäich fir de Site Belval. Dat heescht also am Konkreten, datt de Fong d'Gebaier, déi bis elo um Site Belval entstanne sinn, am Numm vum Stat an aneren Organisatiounen, wéi zum Beispill der Uni Lëtzebuerg, géreiert.

An deem Kontext kritt den Établissement public dann och d'Autorisatioun, fir Gelder ze verwalten, fir u sech dëser Mission gerecht ze ginn. Mat dësen Ännerungen kritt dann de Fonds Belval eng weider Handhab, fir och an Zukunft kënnen um Potenzial, un der Dynamik an un de Wirtschaftscréneauen um Site vun Esch/Belval ze schaffen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ginn ech selbstverständlech ganz gären den Accord vun der CSV-Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Kaes. Nächste Riedner ass den Här Goerges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci der Rapportrice fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Wann ee sech op eng Debatt virbereet, da geet ee jo heiansdo och kucken, wat an deene leschte Reunionen hei vun dësem Parlament geschwat ginn ass iwwert dee Projet, zemoos wann et sech ëm eng Emännerung handelt vun engem Gesetz, wat 2002 am Juli hei Objet war vun den Diskussiounen.

An et ass ganz interessant, wann Der dat maacht - gitt dat eng Kéier kucken! -, do huet mäi Buergermeeschter-Virgänger der schéilaanscht d'Bake kritt hei, wann een dat liest. Haaptsächlech dann och vum Kollege vun deene Gréngen, vum Här Garcia. An den Här Garcia hat dee Moment och fënnf Motiounen hei erabuecht, wou mer elo eng dovunner dann och ëmsetzen. Wat jo him dann de Mérite gëtt, datt en déi Zäit scho gesinn huet, wat een an Zukunft misst ëmsetzen. Bon, et bleiwen der nach véier. Doriwwer wëll ech awer haut net schwätzen.

De Projet gouf dee Moment och mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstentionen ugeholl. An et gouf och nach eng Motioun, déi vun all de Fraktiounen dee Moment gedroe gouf. Och dee Moment war d'Diskussioun schonn doriwwer gelaf, datt een d'Missionne vum Fonds Belval sollt op aner Sitten ausweiden. Dat war och eng vun de Fuerderungen, déi dee Moment scho gestallt gi sinn.

An och do war de Statsrot aus anere Grënn awer net dofir, gradesou wéi haut, well en haut gesot huet: „Et geet hei ëm eng Insécurité juridique.“ Et kéint ee mengen, datt et eng Insécurité juridique géif ginn, wann een dat géif ausweiden, a gradesou géif et ëm de Principe de spécialité goen. Dofir huet dann och d'Kommission sech décidéiert, fir dat aus dem Text hei erauszehuelen.

De Projet Belval ass u sech e Modellprojet, well en u sech e Matsproocherecht gëtt de Gemengen, déi concernéiert si vum Site. Et ass eng direkt Interventioun vum Stat. Et geet ëm Dezentraliséierung. D'Uni ass dohinner komm, d'Rockhal, Entreprises, Start-ups, staatlech Services, Konferenzentren, Sport- a Fräizäitméiglechkeeten; also eng ganz Panoplie vu Saachen, déi wichteg ware fir de Süden, fir dee ganze Süden an net nëmme fir déi zwou Gemengen.

Haut ass et esou, datt d'Mission vum Fonds Belval ausgeweit gëtt dann op d'Gestioun vun Infrastrukturen. D'Gestioun, wat heescht dat? D'Gérance, d'Transformatioun, d'Modernisatioun, d'Maintenance an och d'Exploitatioun. Dat ass eng gudd Saach!

Et muss ee vläicht nach eng Präzisioun hei derbäiginn: „pour le compte de tiers“ steet am Projet dran, et ass och festgehalen ginn an der Kommission, dass dat nëmme fir „entités publiques oder paraétatiques“ wär, also net fir de private Marché. Ausserdeem kréie se, wéi scho gesot gouf, hei och d'Méiglechkeet, fir dann och Geld ze verwalten.

D'LSAP ass natierlech d'accord mat dëser Ausweidung vun der Mission, notament well se och am Sënn ass vun där Motioun, déi 2002 hei am Juli unanime och ugeholl gouf, oder op alle Fall mat enger ganz grousser Majoritéit.

Ech soe Merci och vu menger Säit de Leit vum Fonds Belval fir déi gudd Zesummenaarbecht. Lauschtert och weider esou gudd op d'Gemengen, well ëmmerhi braucht Der hir Baugenehmigung, fir iergendeppes do ze maachen!

Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimad der den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Engel. An d'Wuert huet den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet „Revaloriséierung vun den Industriebroochen op Belval“ geet u sech op d'Joer 1992 schonn zrëck. Deemools war jo en Accord an der Tripartite fonnt ginn, fir eng nei Notzung vun de fréieren Industriesitten am Süde mat der Kreatioun vun engem Groupement d'intérêt économique ëmsetzen. Et ass och virdrun hei scho gesot ginn, datt 1996 den Optrag kouw, fir eng Etüd ze maachen. An déi gouf jo dann 1997 presentéiert. Dat war jo dann déi berühmten Etüd AGIPLAN.

Ech wëll och hei nach eng Kéier u Wiedererënnere, déi de Rapporteur vun dem Gesetz, dat mer jo haut dann u sech och emänneren, a senger Ried den 11. Juli 2002 gebraucht huet. Dat war de leider entre-temps verstuerwene Kollege Fred Sunnen. Hien huet deemools hei op der Tribün gesot: „Fir Belval geet et en fin de compte ëm e Projet fédérateur, deen de Fortschrëtt, d'Dynamik, d'Innovatioun an de Wëlle symboliséiert an eppes Neits schafft, e Projet also, dee Modellcharakter huet, och fir déi aner Regiounen an eise Land.“ Et muss een also haut nodréiglech erkennen, datt de

Fred Sunnen u sech do eng visionär Approche hat an och ganz richtiglouch mat senger Ausso do.

Et däreif ee jo och net vergiessen, datt deen Établissement public, dee jo dann haut offiziell den Numm Fonds Belval kritt, datt dee jo deemools eng Enveloppe vun 1,2 Milliarden Euro krut, fir an engem Zäitraum vu 15 Joer Investisementer ze maachen. An datt dee Site Belval sech exzellent entwéckelt huet, dat ka jiddwereen novollzéien, deen dann emol regelméisseg dohigeet.

Et si schonn eng Rei Aktivitéiten hei opgezielt ginn. Ech wëll drop hiweisen, datt mer jo do souwuel um Niveau vu Fräizäitbeschäftegungen, vu Verwaltungsstrukturen, vun neien Aarbechtsplaze bis hin zum Wunnengsbau an och engem neie Lycée ganz vill Aktivitéiten do entre-temps fannen. D'Krënung ass natierlech och elo déi rezent Ouverture vun der Uni um Site Belval.

Et muss een hei ënnersträichen, datt dee Site awer trotzdem nach ganz vill Potenzial hiergëtt. Ech mengen, et sinn nach ganz vill Méiglechkeeten, fir nach weider do ze investéieren a fir en nach zousätzlech méi attraktiv ze maachen.

Ee vun den Haaptdiskussionenpunkten an der Kommissioun war natierlech hei och d'Extensioun oder, loosse mer soen, déi méiglech Extensioun vun de Kompetenzen vun dem Établissement public op aner Sitten. Et ass och schonn zu Recht hei bemierkt ginn, datt dat och eng Diskussioun war, déi 2002 schonn hei gefouert ginn ass. Bon, do versicht jiddwereen, sech säi Filetsstéck erfzeschneiden.

Ech wëll awer dann och nach eng Kéier drun erënnere, datt déi deemoleg CSV/DP-Regierung iwwregens dee Projet hei mat ganz grousser Verve weidergedriwwen huet an datt och déi deemoleg Majoritéit, ech hat d'Chance och deemools dobäi ze sinn, eng Motioun zréckbehalen hat - den Här Engel ass scho kuerz drop agangen -, wou u sech déi Iwwerleeungen awer zréckbehalen gi sinn, vläicht net gradesou wäit wéi den Här Garcia dat deemools gemaach hat, mä et war awer du schonn an der Intentioun, fir u sech dem Fonds Belval, wéi mer e jo haut kënnen nennen, nach zousätzlech d'Kompetenz ze ginn, fir eben och aner wichteg Sitten am Süde kënnen ze géréieren. Ech denken do un de Crassier Terres Rouges, Déifferdeng oder Monnerech.

Dat ass also eng Diskussioun, déi nach wie vor an der Schief ass an déi och nach net ofgeschloss ass. Natierlech, wa mer eng Kéier an déi Situatioun kommen, datt dee Kompetenzberäich ausgedeeent ginn ass, da muss ee sech awer och munch Fro stellen, besonnesch natierlech awer och: Wat ass de Rôle vun deene Gemengen, déi da beträff sinn, deenen neie Gemengen?

Ech mengen, den Député-maire hei vu Suessem an d'Vertreider vun der Escher Gemeng wësse jo, datt hie Matsproocherecht dach limitéiert ass, kann ee soen. An duerfir muss een awer elo schonn an d'Zukunft denken, wa mer eng Kéier dee Schratt maachen, ob net vläicht e Gemengesyndikat soll dann ënnert deene Gemenge geschafe ginn, fir datt en u sech eng gewësse Stärkt géif duerstellen, fir dann och herno an deem Établissement public do kënnen matzeschwätzen. Jiddefalls, eppes ass ganz kloer: Et stellt sech haut schonn eraus, datt et awer richtig war, en Établissement public ze schafen.

Da kritt jo, wéi gesot, den Établissement public zousätzlech Kompetenzen, och wat, wéi gesot, d'Gestioun vun allen Infrastrukturen ubelaangt. An et ass och hei schonn zu Recht gesot ginn, datt dat natierlech, wa mer vun „tiers“ schwätzen, sech nëmmen op staatlech oder parastaatlech Investisementer wäert limitéieren. Douduerch entsteet och méi Transparenz. Contrairement zu deem, wat emol heiansdo behaupt ginn ass, wat de Fonds de Kirchberg ubelaangt, gi mer hei also hin a mir maachen déi ganz Gestioun nach méi kloer.

Eng logesch Konsequenz ass natierlech, datt dee Moment awer, duerch den Artikel 2, den Établissement public och elo ka Recetten ebe géréieren, well eben doduerch, wann en och gewëssen Attributiounen zousätzlecher Natur kritt, fir eben ze investéieren, en dee Moment op där anerer Säit awer och kann op Recetten zielen, datt en natierlech och dofir muss awer kompetent gezeechent ginn.

Ech wëll dann awer nach ofschléissend drop hiweisen, datt dat hei en enorm interessante Projet, natierlech un éischer Linn fir de Süden, ass, mä datt en awer och e Projet ass, deen awer och ka Modellcharakter fir d'ganz Land hunn. Mir gesi jo awer, datt op einzelnen anere Frichen, queesch duerch eist Land, äänlech Iwwerleeunge gefouert ginn. An dat, wat op Belval realiséiert ginn ass, do, wou am Ufank eng gewësse Skepsis dach a verschid-

dene Käpp geherrscht huet, ech mengen, spéitstens haut huet een awer gesinn, datt dat u sech awer eng richtig Décisioun war, datt et dem Süde virun allem nei Méiglechkeete ginn huet an datt dat e Projet ass, deen och an där Form muss weidergedriwwen ginn. An haut hu mer jo mat där bescheidener klenger Emännerung awer och e wichtige Schratt fir d'Zukunft gemaach.

Ech wëll och nach ofschléissend der Madamm Lorsché Merci soe fir hire Rapport an ech entschëllege mech, datt ech erëm licht iwwerzunn hunn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Graas. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Virewech wollt ech soen, datt mer selbstverständlech dëse Projet de loi wäerte matdroen a matstëmmen. An ech wollt och der Rapportrice Merci soe fir hire gudden Rapport.

Ech hätt awer e puer Froen, déi sech opdrängen, mengen ech, déi awer an deem Kontext sech stellen a wou verschidde Leit wahrscheinlech och frou wieren, wa se eng Antwort drop géife kréien. An ech profitéieren dovunner, datt och de Minister hei ass, fir vläicht eng Antwort ze kréien.

Et geet nämlech jo och ëm déi endlos Fro vum Site vun den Nationalarchiven, fir ze wëssen, wouhin se schlussendlech kommen. Et war e relativ groussen Hickhack a leschter Zäit. Den Här Minister Bausch huet ëmmer gesot, datt hien disponibel wier, fir esou schnell ze handelen, mä e bräicht natierlech fir d'Éischt emol och gréng Luucht vun der Madame Nagel. An dofir wollt mir vläicht och wëssen, an deem Kontext, ob dann elo iergendeng Décisioun getraff gouf. Natierlech stellt sech dann och d'Fro vum Timing.

A wa sech d'Fro vum Timing stellt, wann ee bis weess, wouhin dee Site wäert kommen, da weess ee jo ganz genau, datt dat net vun haut op muer wäert geschéien. Dat heescht, elo sinn d'Archive schonn hanne widder a vir bäi, wéi mer wëssen. An do misst och e Provisorium fonnt ginn, fir dat Ganz ze stockéieren. Dat wier dann och eng Fro, déi sech opwërt, wann dann och schonn e Provisorium fonnt gi wier.

A schlussendlech, dat ass dann och nach annexé (veuillez lire: connexe), mä ech stellen d'Fro trotzdem, vläicht kritt een eng Antwort drop, datt ass d'Fro vum Gesetz zum Archivage, ob do och de Regierungsrot scho wéisst oder ob en eng Décisioun geholl huet an deem Sënn, well ech mengen, déi zwou Saachen, déi hänke jo mateneen zesummen.

Soss wäerte mer natierlech, wéi ech virdru gesot hunn, dee ganze Projet de loi matstëmmen.

Ech soenlech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wagner. An direkt huet d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech wollt allen Deputéierte Merci soe fir hir Interventiounen, speziell och der Rapportrice fir hire gudden Rapport an och dat flott Zitat, wat se erëmgesicht huet vum Robert Garcia, deen domadder definitiv an d'Geschicht ageet als wierklech wegweisend an dësem Beräich. Ech si frou, datt, wéi gesot, eng grouss Ennerstëtzung hei kënn. Ech wëll just vläicht versichen, op déi Froen ze äntwerten, déi den Här Wagner nach gestallt huet.

Zu senger éischer Fro: Huet d'Regierung sech décidéiert, wou d'Archive sollen definitiv hinkommen? Jo, si sollen definitiv op de Belval kommen. Zweet Fro: Gëtt et schonn en Timing? Neen, well mir hu kee Budget de Moment derfir. Dir wësst, datt am Pluriannuel d'Archiven erausgeholl gi waren. An, bon, de Moment ass dat, wat de Finanzminister de Moie virgestallt huet, déi Previsiounen, dat ass op Basis vum arrétéierte Pluriannuel opgebaut, an do ass dee Projet hei net dran.

Dat heescht, d'Kulturministesch muss da kucken, fir an der Regierung gudd Argumenter spillen ze loosse am Kader vun den Diskussiounen iwwer eventuell Modifikatiounen zum Pluriannuel, ob dee Projet do drakënn an deenen nächsten dräi Joer oder net. Mä fir dës Legislaturperiode ass en am Moment net - am Moment net - virgesinn, wat awer net wëllt heeschen, datt en net kann drakommen.

Zu Ärer drëtter Fro vum Gesetz. Ech mengen, do hutt Der am beschten, Dir frot d'Kulturmi-



nistesesch, well do sinn ech net zoustänneg der-fir, fir d'Gesetz iwwert den Archivage. Ech weess just, datt d'Kulturministesch intensiv un deem Gesetz schafft, datt et imminent ass, datt et soll an de Regierungsrot kommen. Mä, ech mengen, Dir hutt besser, Dir frot si eng Kéier selwer, wa si hei ass, weini si domadder fäerdeg ass.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Minister. Da géife mer zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6782 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6782 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An dann ass de Vott eriwwer a 60 Deputéierten hunn deelgeholl: 60-mol Jo. Domat ass de Projet 6782 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Serge Wilmes), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. Gusty Graas) et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech géif lech nach froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

10. Ordre du jour

Ech krut dann d'Fro gestallt, ob mer d'Reglement vun der Chamber net kéinte virzéien. Wann do keng Objection dergéint wär an de Rapporteur prett wär, géife mer dat maachen.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann huet de Rapporteur vun der Ännerung vun eiseem Reglement, den Här Gibéryen, direkt d'Wuert.

11. 6888 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au chapitre 9 «Frais et indemnités» de l'annexe 5 «Régime des traitements des fonctionnaires de la Chambre des Députés»

Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir huelen haut eng Ännerung vun eiseem Reglement vir, an zwar am Chapitre 9 iwwert d'Frais et indemnités vun eise Fonctionnairen hei an der Chamber, d'Annex 5 iwwert de Régime vun den Traitementen, wéi gesot, vun eise Fonctionnairen.

Ëm wat geet et? Duerch d'Gesetz vum 25. Mäerz dëst Joer ass den Accord salarial vun der Fonction publique ëmgasat ginn an och en Text iwwer nei Bestëmmungen, wat d'Pensiounen ubelaangt. Dësen Text ass den 1. Oktober a Kraaft getratt. An an deem Text geet et virun allem ëm de Régime de pension spécial transitoire. An hei ass am Fong eng Terminologie geännert ginn: De Congé pour raisons de santé à mi-temps thérapeutique gëtt elo an eng nei Bestëmmung ëmgeännert an zwar an de Service à temps partiel pour raisons de santé.

Och wann déi Bestëmmung, wat d'Fonctionnaire vun der Chamber ubelaangt, fir den 1. Oktober dëst Joer direkt och a Kraaft trëtt, esou

musse mir dat awer an eiseem Reglement bäisetzen, wat de Financement vun där Bestëmmung ubelaangt. An et ass dat, wat mer mat dëser Ännerung vun eiseem Reglement maachen, also datt och de Financement garantéiert ass iwwert de Budget vun der Chamber, iwwert déi Bestëmmung, déi iwwert den Accord salarial fir ons Fonctionnaire vum 1. Oktober un hei och a Kraaft getratt ass.

Dës Proposition de modification ass vun eiseem President selwer den 8. Oktober deponéiert ginn. D'Présidentekonferenz huet se den 8. Oktober och direkt weider un d'Reglementskommission geleet an déi huet den 13. Oktober dës Ännerung an engem Rapport eestëmmeg festgehalten, woufir ech lech dann och géif ëm Är Zoustëmmung bidden.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Rapporteur. Gëtt et Wuertmeldungen zu där heiter Proposition, fir eist Reglement ze adaptéieren? Den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Här President, ech ka mech kuerzfaassen. Ech soen dem Här Gibéryen villmools Merci fir de mëndlechen a schrëftlechen Rapport an ech bréngen den Accord vun der CSV.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Meyers. Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Et ass eigentlech schonn alles gesot. An ech wëllt och dem Rapporteur Merci soen an den Accord vu menger Fraktion hei abréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci villmools. Ech ginn dervun aus, dass, wann den Här Bodry an d'Madamm Loschetter d'Wuert géife froen, se och géife Jo soen, grad ewéi den Här Gibéryen dat just fir seng Sensibilitéit gemaach huet a wéi den Här Urbany dat och wahrscheinlech fir seng géif maachen. Da wäre mer um Enn vun der Diskussioun. An ech géif dann direkt ofstëmmen loosse.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An de Vott ass elo schonn eriwwer.

An - wien hätt et geduecht? - mir hunn Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An hei brauch ech lech jo d'Fro net ze stellen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ginn.

Villmools Merci.

Da géife mer iwwergoen zu deem virleschte Punkt, deem elo dee leschte Punkt ass, dat heescht d'Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An direkt huet d'Madame Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché, d'Wuert.

12. 6836 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst, geet et bei der Orientéierungsdebatt vun haut ëm déi grouss Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen. Fir déi deementsprechend Etüden an natierlech och Projete kënnen ze realiséieren, muss d'Chamber fir d'Éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Mat-sproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen, esou wéi et am Joer 2005 vun der Budgetkontrollkommission festgehale ginn ass.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e geschätzte Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro a méi wäerten erreechen. 2005 louch dëse Seuil bei just 7,5 Milliounen Euro. Doriwwer eraus muss bekanntlech fir all Projet vun iwwer 40 Milliounen e speziell Finanzeierungsgesetz ausgeschafft ginn.

Am Joer 2005 ass des Weidere festgehale ginn, datt d'Budgetkontrollkommission de finanzielle Suivi vun deene groussen Infrastrukturprojete muss am A behalen. Dat bedeit, datt den zoustännege Minister där Kommission all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolution vun all Projet muss presentéieren, deem am Kader vun dëser Debatt accordéiert ginn ass. Donieft erstatt den Infrastrukturminister och der Nohaltegkeetskommission regelméissege Bericht iwwert déi finanziell a baulech Entwécklung vun all deene Projeten. Souvill schonn zur Prozedur, déi, wéi gesot, zanter zéng Joer besteet.

Här President, ech kéim dann zu den neie Projeten, déi der Nohaltegkeetskommission an de Sëtzunge vum 9. a vum 15. Juli 2015 presentéiert gi sinn. Wann ee sech déi Lëscht méi genee ukuckt, stellt ee fest, datt déi absolut Prioritéit am Beräich vun den Infrastrukturen dëst Joer bei der Verbesserung vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg läit an domat och bei enger besserer Vernetzung vun den einzelnen Transportmëttel zugonschte vun öffentliche Transport a vun der Mobilité douce. Fir datt déi Vernetzung ka stattfannen, brauch een natierlech och déi gëeegent Infrastrukturen.

Déi éischt dräi Projete bestinn aus dem Bau vun dräi Park & Riden, déi iwwert de Fonds du rail finanziaiert solle ginn. Dës Opfaangparkinge sollen et erlaben, d'Autoen net nëmmen aus der Haaptstad erauszehalen, mä och aus de Grenzregionen doduerch, datt de Berufsstrafic esou fréi wéi méiglech op den öffentliche Transport orientéiert gëtt.

Geplangt sinn déi Park & Riden dowéinst an direkter Proximitéit zu enger Eisebunns-gare. Deen éischte bei der Gare vu Rodange mat 1.632 Stellplazen, deem zweete bei der Gare vu Miersch mat 434 Stellplazen, deem drëtte bei der Gare zu Waasserbëlleg mat 385 Stellplazen, wat alles an allem en Total vun zousätzlechen 2.451 Stellplaze bedeit, déi alleguer eng direkt Ubannung un d'Eisebunn wäerte kréien.

Ugefaange mam gréisste Projet, deem vu Rodange: Nieft dem Bau vum Park & Ride, mat, wéi gesot, iwwer 1.600 Parkplaze geet et hei och drëms, de Passage à niveau iwwert d'Eisebunn duerch e Passage souterrain fir Autoen, Vélosfuere a Foussgänger ze ersetzen, mam Zil, den Trafic an der Uertschaft méi fléissend ze gestalten. Parallell dozou gëtt d'Gare routière komplett renovéiert mat zousätzlechen 100 Emplacementen fir Véloen. Och un d'Véloe gëtt neierdengs geduecht.

De Park & Ride sengersäits gëtt direkt un d'Gare ugebonnen a verleeft bauméisseg an dräi Phasen. Déi éischt Phas, déi Enn 2017, ufank 2018 soll funktionsfäeg ginn, ëmfaasst 178 Plazen op der Surface. Déi zweet Phas, déi ab 2018 realiséiert soll ginn, besteet aus dem Bau vun engem Parkhaus mat weideren 933 Parkplazen. A schlussendlech gesäit déi drëtt Phas zousätzlech 699 Plaze vir, déi am Joer 2021 sollen entstoen, am Fall, wou se gebraucht ginn.

Well d'Terrainen dem Stat gehéieren, mat der Ausnam vu just enger klenger Parzell, stelle sech a puncto Acquisitionen vun Terrainen keng weider Problemer. Déi finanziell Estimatioun fir de ganze Projet beleeft sech hei op 54 Milliounen Euro.

Ech kommen op Waasserbëlleg. Dee Projet, deem do entstoe soll, ass méi bescheiden, mä net manner wichteg. Hei geet et drëms, en iwwerierdesche Parking, e sougenannte Parking de surface, mat 385 Stellplaze fir Autoen an 30 sécuriséiert Emplacementen fir Véloen ze bauen, dëst am Kontext vum Émbau vun der Gare routière a vun der Upassung vun den Eisebunnsinfrastrukturen un d'Bedürfnisse fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit. D'Virbereedungsarbechte lafen am Joer 2017 un, sou datt et am Joer 2018 zum Bau ka kommen, mat der definitiver Mise en service vum ganze

Projet am Joer 2021. De viraussichtleche Käschtepunkt läit hei bei 30,7 Milliounen Euro.

Op Miersch. Den drëtte Park & Ride ass um Site vum fréieren Agrocenter zu Miersch virgesi mat 434 Stellplazen, och hei mat enger direkter Verbindung zu der Eisebunns-gare an der Upassung vun der Gare zugonschte vun de Persounen mat ageschränkter Mobilitéit. Déi si bei all Projet neierdengs ëmmer derbäi. D'Virbereedungsarbechte belafe sech bei dësem Projet op 13 Milliounen Euro. Eng Estimatioun vum definitive Käschtepunkt läit bei dësem Projet nach net vir. Am Joer 2018 soll mat den Aarbechten ugefaange gi mam Zil, datt dee gesamte Projet am Joer 2020 voll funktionsfäeg ass.

An de Süden op Schëffleng. E véierte Projet, deem och de Fonds du rail engagéiert, mä net zu honnert Prozent, ass d'Suppressioun vun de Passages à niveau zu Schëffleng. Méi speziell besteet dëse Projet aus véier Modullen, déi folgend Moossname virgesinn: éischstens, d'Suppressioun vun dräi Passages à niveau op enger Läng vu just engem Kilometer, zweetens, de Bau vun enger neier a méi benotzerfrëndlecher Entrée an d'Uertschaft mat enger Passerelle fir d'Foussgänger tëschent der Avenue de la Résistance an der Avenue de la Libération, drëttens, den Neibau vum Eisebunnsarrêt zu Schëffleng, a véiertens, d'Erneuerung vun de Caténaires, der sougenannter Traction électrique. Um Financement vum éischte Module ass d'Gemeng mat 10% bedeelegt, de Fonds du rail mat 40% (veuillez lire: 45%) an de Fonds des routes mat 45%.

Dëse Projet berout op engem Accord tëschent der Gemeng Schëffleng, den CFL an de Ponts et Chaussées aus dem Joer 2007, wou de finanzielle Verdeelungsschlëssel festgeluecht ginn ass. Ech wëllt och drop hiweisen, dass am Dokument vun der Regierung de ganze finanzielle Verdeelungsschlëssel geziilt opgeléicht ass mat enger ganzer Tabell, wou Der kéint gesinn, wéi déi eenzel Partner sech bedeelegen.

De Käschtepunkt beleeft sech op insgesamt 17 Milliounen Euro. D'Prozedur lafen am Mäerz 2016 un. D'Suppressioun vun de Passages à niveau ass fir Enn 2018, an d'Enn vun den Aarbechte fir 2019.

Mir kommen an d'Stad op d'Gare vu Lëtzebuerg. E weidere Projet, deem erëm ganz iwwert de Fonds du rail finanziaiert gëtt, ass den Aménagement vun zwee weidere Quaie fir d'Stater Gare. Méiglech gëtt dëse Projet doduerch, datt den Atelier vun de Lokomotiven op den Houwald transferéiert gëtt. D'Plaz, déi op déi Manéier fräi gëtt, erlaabt de Bau vun zwee neie Quaie. Dat bedeit eng massiv Erhéijung vun der Capacitéit a méi Flexibilitéit bei der Entrée an der Sortie vun den Zich, wuel wëssend, datt déi besteend Infrastrukturen a Spëtzestonne schonn haut komplett iwwerlaascht sinn.

Zréck an de Süden op Esch/Uelzecht. De leschte Projet, deem iwwert de Fonds du rail leeft, ass d'Renovatioun vun der Escher Gare um Niveau vun de Quaie. Hei geet et ënner anerem drëms, déi besteend Quaie ze moderniséieren a mat Marquisen ze iwwerdecken. Donieft gëtt och dee besteeënden an net grad attraktive Souterrain renovéiert an en zweete Souterrain gebaut, woubäi sämtlech Accès behënnertegerecht aménagéiert ginn.

Dann zum Pôle d'échange Cloche d'Or. Ofschléissend kéim ech zu deem Projet, deem iwwert de Fonds des routes soll finanziaiert ginn. Et ass deem eenzegen. Et handelt sech ëm de Bau vum Pôle d'échange Cloche d'Or, deem eng direkt Ubannung un den Tram wäert schafen an deem an direkter Proximitéit vum geplangte Fussballstadion soll entstoen.

De Projet ëmfaasst folgend Elementer: eng Gare routière mat sechs Quaie fir Autobussen, weider acht Quaie an enger Waardeplaz fir zwielf Bussen, e Park & Ride mat ongeféier 2.000 Emplacementen verdeelt op sechs Stäck, integréiert Infrastrukture fir d'Foussgänger an d'Vélosfuere.

Bei dësem Projet wëllt ech betounen, datt de Pôle d'échange Cloche d'Or den alleréischten Émsteigepôle fir den Tram wäert ginn, mat der Ubannung un d'Buslinnen a Richtung Süden, Südosten a Südweste vum Land. Gläichzäiteg dréit dëse Projet der urbanistescher Entwécklung vum Südoste vun der Haaptstad Rechnung.

De Pôle d'échange Cloche d'Or, Dir Dammen an Dir Hären, steet also net prioritär a Relatioun mam Bau vun neie Fussballstadion, mä en ass e Bestanddeel vum gesamte Mobilitétskonzept, wat d'Regierung landeswäit amgaangen ass ëmzesetzen.

Här President, am Résumé waren dat déi insgesamt siwe Projeten, déi an der Nohaltegkeetskommission virgestallt gi sinn an och vun der Kommission guttgeheescht gi sinn. An deem Sënn iwwerreechen ech lech eng deementsprechend